LIONS CLUB GLASBUREN

un lieu • une idée • un engagement

10e ANNIVERSAIRE
de la
REMISE DE CHARTE

27 avril 2002

LIONS CLUB
GLASBUREN

G.-D. LUXEMBOURG

Les Charter Members

28 mars 1992



1er rang: Paul Thilges (LC Doyen), Jean-Pierre Wolff, Pierre Hoffmann (LC Doyen)
2e rang: Yves Feis, Carlo Damgé, Joseph Christen, Marc Bruck, Marc Bernard, Alex Bernard
3e rang: René Konsbruck, Jean Herr, Marc Lucius, Gaston Flesch, Norbert Fischer, Victor Feyder
4e rang: Laurent Mosar, Nico Margue, Paul Laplume, François Lanners
5e rang: Henri Siebenaller, Daniel Reinert, Hans Oliemans, Tom Oberweis, Guy Nilles

REFLEXIONS D'ANNIVERSAIRE

par Jean HERR, président du Lions Club Glasburen

Il y a dix ans, le 28 mars 1992, les 22 membres fondateurs du Lions Club Glasburen, sous l'inspiration de leur valeureux Lions guide, Pit Hoffmann, avaient fait une promesse : «WE SERVE».

Aujourd'hui, les anciens et ceux qui les ont rejoints au cours des années, peuvent, en toute modestie mais avec fierté tout de même, constater: «We have served». Le bilan de nos engagements tant sociaux qu'humanitaires est appréciable. C'est un encouragement mais aussi une obligation pour l'avenir.

Le club, en dix ans, a trouvé sa maturité. Venus de tous les horizons pour constituer le nouveau club, les individualistes du début ont formé, au fil des années, un noyau de plus en plus soudé tout en intégrant, sans perdre l'identité déjà acquise, les nouveaux membres venus renforcer le club.

De la confrontation des idées est née la dynamique de notre engagement. Le respect de l'autre, l'estime portée aux qualités tout comme l'acceptation des différences respectives et, au mieux, des liens amicaux sont devenus le liant d'une équipe engagée. La souveraineté, le talent, le calme, l'engagement, le savoir-faire, la rigueur, la finesse, l'élégance et la détermination des présidents successifs ont largement contribué au dynamisme de notre club. Je remercie mes prédécesseurs au nom de tous les membres.

Les jalons du chemin à parcourir, placés dès le premier soir sans équivoque par Marc Bruck dans son discours à l'occasion de la remise de charte, méritent d'être rappelés succinctement. En effet, le progrès est à l'origine de la qualité de vie élevée à laquelle aspire notre société occidentale. Mais l'analyse critique nous révèle que, d'un côté, progrès est corollaire de misère et que, de l'autre, il doit être indissociable des notions de liberté et de solidarité.

S'engager activement pour combattre ces misères humaines était donc la seule réponse possible du nouveau service club. La défense sans compromis des libertés fondamentales pour tous les hommes a toujours guidé nos choix. La solidarité avec l'homme passe inévitablement par la solidarité avec la nature si elle se veut fondamentale et durable. Ce rattachement à la nature est aussi ancré dans le nom du club, illustré dans le fanion par la représentation des 4 éléments fondamentaux de la nature, c'est-à-dire la terre, l'eau, le feu et l'air.

C'est ainsi que notre action de solidarité avec la nature lancée à l'occasion du X^{e} anniversaire, née d'une idée plutôt spontanée due au hasard de la vie, me semble après coup n'être qu'un réflexe de fidélité vis-à-vis de nos engagements initiaux.

Et le X^{e} anniversaire ne constitue finalement qu'une étape intermédiaire d'un parcours placé dès le départ sous la devise: « WE SERVE ».

GLASBUREN, UN LIEU, UNE IDEE, UN ENGAGEMENT

Ried vum Marc Bruck op der Charter Night am Mäerz 1992

Här Gouverneur, léif Éieregäscht, dir Dammen an dir Häre, léif Frënn ...

D'Festried vun der "Remise de Charte" ass eng gutt Geleeënheet, fir zesumme mat Iech e puer Gedanken nozegoen iwwert dat, wat d'Aarbecht, d'Striewen an d'Idealer vun dem Lions-Mouvement a vun de Service Clibb uechter d'Welt duerstellen.

Mir wëlle mat Iech zesummen e Stéck Wee goen, bei d'Quell, d'Glasburen am Gréngewald ... De Wee bei d'Quell ass ëmmer e Wee zeréckuertesch bei den Ufank, awer d'Geschicht, d'Erënnerung vun de Mënschen, de Laf vun der Zäit, d'Entwécklung vun der Natur, dat sinn alles Weeër, déi keen Hannerzeg kennen an am Fong och keen Emdréien zouloossen, de Wee zeréckuertesch kann dofir och keng Léisung sinn, awer eng Hëllef, fir an deem Vergaangenen nei Impulser, nei Weeër an nei Iddien ze fannen ... fir dat, wat komme soll, an eng Directioun ze setzen a weiderzedroen.



28 mars 1992: remise de la charte de g. à dr. Pit Schumacher (Gouverneur), Léon Contato (président L.C. Doyen), J.P. Wolff (président Glasburen), Pit Hoffmann (Lions Guide)

Grad am Joer 1992 an als europäesche Lions ass et wichteg, sech d'Geschicht virun Aen ze ruffen. Ech denken hei un déi fir eis esou formidabel Aventure - d'Entdeckung vun Amerika viru 500 Joer - deemools gouf op ganz resolut Manéier d'Welt vun haut am viraus bestëmmt. De Jacques Attali seet heiriwwer: "*Mais, dans le même temps, ces rêveurs d'Histoire apprennent à oublier ce qui est nécessaire à leur entreprise ... ethnocentrisme ... colonialisme ... sans lesquels il n'y aurait ni pureté du passé ni Homme nouveau de l'avenir. Et pour se faire admettre de leurs conquêtes, ils inventent un concept inédit, enthousiasmant et ravageur, au nom duquel ils massacreront pendant des siècles: le progrès.*"

De Fortschrëtt, de Wee no vir, ass an dëse ganz kriteschen a pessimisteschen Iwwerleeunge vum Jacques Attali en därege Wee mat Héichten an Déiften. D'Virstellung vum Fortschrëtt, déi mir haut hunn, ass ganz secher nach ëmmer déi vun enger Weiderentwécklung, déi net ophält. Nach ëmmer probéiert de Mënsch mat Hëllef vu Wëssenschaft an Technik, d'Natur ze iwwerwannen, si meeschter ze ginn, ze dominéieren, hir säi Stempel opzedrécken. An deem Plang ass de Motor vum Fortschrëtt d'Économie, an de Fortschrëtt heescht datselwecht wéi Wuelstand. Méi Wuelstand bedeit an deem Sënn méi Innovatioun, méi Konsum a méi Produktivitéit.

Spéitstens zënter de siechzeger Joeren hu mer awer geléiert, d'Ambivalenz vun eisem Fortschrëttskonzept ze erkennen, a mir hunn och geléiert, nei Froen ze stellen: Firwat ass de Fortschrëtt gutt?... Wouhin soll hien eis féieren?... Ass et iwwerhaapt méiglech, sech iwwert d'Natur ewechzesetzen?

Wëssenschaft an Technik hunn der ganzer Mënschheet vill weider gehollef a si wäerten dat och weider maachen, wa mir léieren, d'Économie an d'Écologie an engem eenzege Striewen ze verbannen, wa mir an eis Aarbecht nei Virstellunge vu Liewensqualitéit erabrenge kënnen. Fräiheet a Solidaritéit sinn déi zwou Viraussetzungen, déi dëse Wee méiglech maachen. D'Fräiheet vum Mënsch als säin essentiellt Recht, d'Fräiheet vun der Kreativitéit a vun der Meenung, d'Solidaritéit, den aktiven Asaz fir dem Mënsch an der Natur hir Rechter als iewescht Gebuet mussen déi politesch Uerdnung droen a matbestëmmen!

D'Vereenegt Staaten als Natioun an d'Service Clibb als typesch Kanner vum "American way of life" si mat dësem ökonomesch gefierwte Fortschrëttsgedanken nach ëmmer déif verbonnen - an dat wuel net ëmsoss. Hir Idealer probéieren awer der Ongerechtegkeet vum Schicksal an der sozialer Nout eng Barrière ze setzen - wou Fortschrëtt ass, do ass och ëmmer nach Nout - dräi Schréck ginn no vir, mais zwee ginn der hannerzeg - anescht wéi an der Sprangprozessioun ginn déi Schréck net vun enger an däer selwechter Persoun gemaach an dëst och nach net iwerall déi selwecht Zäit.

Eis Idealer sin d'Quell vun eisem sozialen Handelen, an dofir erënnert den Numm "**Glasburen**" net nëmmen un déi Plazen am Gréngewald, wou mir eis fir d'éischt zesummefond a kennegeléiert hunn, dësen Numm ass ganz secher och e Symbol. E Symbol ass en Zeechen, dat eppes soe soll, dat mat Biller, Ideen a Gedanke gefëllt ass, an de Glasburen hirt Waasser as wéi e Spigel, deen eis déi Biller vrun d'Aen hält.

D'Quell ass d'Waasser, d'Waasser ass d'Liewen, ass Natur, Planz an Déier a Mënsch; d'Waasser ass d'Blutt vun der Äerd an de Saaft vun de Planzen a Beem.

De Bur ass d'Aarbecht vum Mënsch un der Natur, de Bur weist, wéi de Mënsch d'Natur fir seng Zwecker auszenotze weess; hie weist awer och, wéi en d'Natur mëssbraucht, andeems en dem Waasser seng Rengheet, der Quell hir Kloorheet verbraucht ... , de Spigel gëtt dréif a seng Biller verblatzen.

D'Glas ass dem Mënsch säin neie Spigel, seng nei Kloorheet, déi am Feier aus der Äerd zesummegeschmolt ginn ass, d'Glas ass e Symbol fir dem Mënsch säi Fläiss, fir seng Industrie, fir säi Wonsch, Neies ze schafen a sech selwer virunzebrengen.

Alles dat fanne mir och an eisem Fanion: Waasser, Äerd, Natur, Planzen a Bësch ..., de Léiw ass d'Feier, dem Mënsch seng Energie, säi Courage, de Wee weider ze goen.

De Léiw soll eise Symbol fir déi sozial Aarbecht sinn, fir d'Aarbecht an der Gesellschaft, fir déi Hëllef, déi mir deene wëlle ginn, déi a sozialer a gesondheetlecher Nout liewen.

D'Waasser an d'Äerd sollen äis awer drun erënneren, datt ouni Respekt fir d'Natur an ouni Asaz fir d'Natur all sozialen Engagement nëmme punktuell an iwwerflächlech si kann a fir weider Generatioune géng verluer bleiwen!

An dësem Sënn huet d'Devise vum Lions eng Dimensioun weider, déi mir am neie Club Glasburen an der Riicht wëllen halen ...

" WE SERVE"



D'Glasburen: onsen éischte Retour aux sources

GLASBUREN

Text vum Jhemp Schuster, virgedroen op der Charter Night am Mäerz 1992

Ech sinn an näischt. ... Dat heescht, ech sinn a kenger Partei an a kengem Veräin.

Mäin Noper, de Sekretär vum Keeleclub "Stramm op d'Viischt", sot mer, dat wier scho bal pervers fir ee Lëtzebuerger. ... Well dat gëtt am Doudesfall nëmmen eng eenzeg kleesper Doudesannonce am Wort. An nach eng selwer bezuelten. ... Wou déi aner Leit eng hallef Dose kréien. ... Op d'mannst. ... Et stierft sech dach vill méi liicht, wann ee sech dat kann opdeelen.

Mäin Noper sot: "Wéi kanns du esou liewen? Du hues jo kee Kontakt mat der Wierklechkeet. Komm bei äis an de Keeleclub."... Dat seet mir awer näischt. Do gëtt mir zevill gesoff. An ech war nach ni besonnesch sportlech.

Ech weess net, wéi ech dru komm sinn, awer ech sot op eemol zu menger Fra: "E Méindeg ginn ech an de Lions Club." Meng Fra huet mech bekuckt, wéi wann ech gesot hätt: " E Méindeg ginn ech mat a Jugoslawien an de Krich."

"Weess du, op waat's du dech do aléiss?" sot hatt. Ech hu mer näischt derbäi geduecht, an dunn huet hatt mer zwee Deeg drop vu sengem Fraendokter, deen och dodran ass, d'Statute matbruecht. Elo weess ech hoergenee Bescheed.

Et kënnt nach laang net jiddereen an engem Lions Club ënnerdaach. Well ee Lions ass keen Hotel. A scho guer keng Familljepensioun. ... Si halen sech zwar vill an Hotellen oder Restauranten op, awer ëmmer ënner sech. Ëmmer séparé. Wéi op enger Toilette. D'Häre fir sech an d'Damme fir sech.

Ee Léiw, deen eppes op sech hält, an dat maachen se jo alleguer, dee steet op eegene Féiss. Dee léisst seng Botzfra a seng richteg Fra doheem, wann en an de Club geet. Dee brauch och kee Garçon a keng Serveuse op sengem Diner. Richteg agefleeschte Léiwe maachen alles selwer. Fräi no hirer Devise: WE SERVE. D'Personal huet deen Owend fräi.

Well engem Léiw seng Fra awer net gären eleng doheem sëtzt, fänken d'Léiwefraen elo un, de Männer alles nozemaachen.... they also serve. ... Ee grousse Famillje-Party-Service.

"Et ass also fir richteg keng Léiwegesellschaft, dat ass alles nëmmen Tarnung," seet meng Fra. "Hannert all deene Léiwen a manner léiwen verstoppen sech elauter verkappte Garçonen a Serveusen.... WE SERVE."

Meng Fra huet zwar gemengt, wéi s'et fir d'éischt héieren huet, et wir ee Waassersportclub. Dofir war s'och esou entsat. Se weess jo, datt ech onsportlech sinn. "We SURF," sot hatt. "Pass op, déi ginn all Weekend douewen op de Stau surfen." - " Awer net am Schnëppel a mat der Méck." - "Dach," sot hatt. "Dat as alles nëmmen Tarnung. Et gëtt Léiwen am Schoofspelz, an et gëtt der am Surfkostüm." Denk emol un! Sollen déi dann och gedopt sinn, wann s'op d'Brieder klammen? Se mussen dach bal, well esou sportlech gesinn se jo och alt net méi aus.

Mee firwat wëllen se dann an hire Männerclibb keng Fraen, a bei de Frae keng Männer? Dat as louche. Bal wéi an engem Klouschter. " Alles Tarnung," sot meng Fra, " dat as wéi an der richtiger Léiwewelt. Männlech a weiblech Léiwen verdroen sech net mateneen. Déi ginn am léifsten hiren eegene Wee. Se zerfachen an zerbäisse sech; just wann se kribbleg ginn, da verdroen se sech, mee dann och nach. Et ass ni fir laang. Ee Léiw ass nëmme léif, wann e kee Léiw ass." ... Dat hunn ech net richteg verstanen.

't ass jo och eng komisch Zuucht, déi Léiwen. Awer eng nobel. Ee Léiw ass souwisou schon nobel vu Gebuert aus. ... Elauter Kingen. Soss géife se jo net LIONS heeschen. Wann et anescht wier, kënnten se sech grad esougutt UNDERDOGS nennen.

Ma firwat WE SERVE?... Bei ee Léiw passt dach vill besser "WE DEVOUR". "Alles Tarnung," sot meng Fra. "Et ass jo och WE DEVOUR. Hues de schon eng Kéier hire Buffet gesinn?" -Wou sollt ech dann. Meng Fra huet mer ee Menu gewisen. Vun hirem Fraendokter. Typesch Léiw... Net den Dokter, mee de Menu!

L'élixir de queues de boeuf au sherry. Wéi an der wëller Natur. Einfach dem Gnu de Schwanz ewechgebass, an de Rescht gëtt leie gelooss.

Magret de canard. Erëm nëmmen déi beschte Stécker. Wien ësst dann de Rescht? "Wéi an der Brousse," sot meng Fra." Et muss jo een et ubäissen. Da bleift nach genuch fir déi aner, déi an der Schlaang stinn. Alles duerchduecht.

Beschäftigungstherapie. Ganz wichteg fir ee Léiw. Déi Zäit, wou de Léiw dinéiert, deet e kengem aneren eppes. An e kënnt net op domm Gedanken."



They devour ...

Ech hu mer déi Lëscht mat de Clubnimm ugekuckt, an du sinn ech ganz duerchernee komm. "All Léiw huet säi Rewéier," sot meng Fra. "Dat ass awer net schwéier ze verstoen". Et ass zwar ongläich verdeelt, fannen ech. Déi eng hunn dat ganzt Éislek, an déi aner nëmmen dee klenge Gehaansbierg. Wat gëtt et dann um Gehaansbierg nach ze joen? "Alles nëmmen Tarnung," sot meng Fra. "Dat ass jo grad dat spannend fir ee Léiw, wann en duerf am Noper säi Rewéier braconnéiere goen. Huel nëmmen dee Fraeklub. FORT VAUBAN. Do weess jo kee, wat derhanner stécht. Awer ech soen der et. 't as eng Saach vu Betounung. Et schreift sech Fort Vauban, awer et seet sech Fort Vauban. Fort mam Vauban. Déi si géint de Vauban. A wie géint de Vauban ass, deen ass automatesch géint d'Dräi Eechelen. Dee Fraeklupp steet hannert dem Pei-Musée. Waart emol. 95 flitt alles op. Da nennen se sech Äddi Vauban, Moie Pei. Alles Tarnung," seet meng Fra.

"Oder huel deen neie Club. GLASBUREN. Hues de der scho Gedanke gemeet, wat do derhannert stécht?" Natiirlech hat ech mer keng gemeet.

"Da pass emol op," sot meng Fra. "Déi buere guer net am Glas. Déi buere ganz éierens anescht. Déi sin amgaang Prouflächer ze bueren. Fir d'Nordstrooss duerch de Gréngewald. Eng Spezialbrigad vum Ponts et Chaussées. Alles Tarnung. Kuck dach emol hiren Emblème."

"Jo," hunn ech gesot, "deen ass dach an der Rei. Gréng fir de Bësch, brong fir de Buedem a blo fir d'Waasser. A matzen dran de Léiw, deen oppasst."

"En ale Mumme," sot meng Fra." Soll ech der soen, wat dat do ass? Alles Tarnung. Déi hu ganz bewosst Naturfaarwe geholl, fir sech ze verstoppen. Dat Brongt hei ënnen, dat war de Gréngewald, ofgeholzt a mat Buedem vun der Nordstrooss zougetippt. Dat Blot hei an der Mëtt, dat ass déi nei Trass vun der Strooss. Ratsch duerch de Bësch. An dat Gréngt hei uewen, dat ass dat, wat nach vum Gréngewald iwregbliwwen ass."

"An de Léiw hei an der Mëtt?" sot ech. "Alles Tarnung," sot meng Fra. "Dat ass guer kee Léiw. ... Dat ass deen neie Rondpoint vun der Nordstrooss. D'Kräizung tëschent de Lions Lëtzebuerg, Iechternach an Éislek."

Ech war schockéiert. Elo weess ech wirklech net méi, op ech an de Keeleclub oder an de Lions goe soll .... Ech mengen, ech bleiwen doheem. Am Keeleclub behalen ech keng Klatz um Dill, an am Lions falen ech ëmmer vum Surfbried. Ech kucke léiwer mat menger Fra zesummen "Wunder der Natur" um 3SAT. Mat richtege Léiwen. Da servt hatt mir eng Fläsch Béier an ee Kranz Lioner, an ech komme mer vir wéi ee richtige King. Mat engem eegenen Distrikt ganz fir mech eleng. A mat engem neie Sigel. Net nëmmen een L, mee véier L-ën.

L L L L - LIVE LIKE LIONS IN LUXEMBOURG

A vous de jouer! A vous de servir!

GLASBUREN, mir zielen op iech!

De fënneften Anniversaire vum LIONS CLUB GLASBUREN

Ried vum Gast Flesch bei där Geleeenheet

[...] 5 Joer besteet en also elo, dee Club mat dem komeschen Numm: Glasburen. Ech weess net, wivill zegmol all Member vun eis huet missen an deene fënnef Joer erklären, wou den Numm hierkënnt, wat e bedeit. Den Owend wëll ech net drop zeréckkommen, ech denken, Dir wësst all Bescheed. Méi wichteg, schéngt et mir haut, déi fënnef Joer Glasburen eng Kéier ënnert dem Motto, deen derhannert stécht, ze beliichten: *Glasburen, un lieu, une idée, un engagement.*

Glasburen, un lieu

Wäit iwwer de geographesche Sënn vum Gréngewald a vun de Glasburequellen eraus ass dat ze gesinn; et weist op eis Verbonnenheet mat der Natur hin, et erënnert eis ëmmer erëm dorunner, wéi wichteg d'Natur, d'Ëmwelt allgemeng fir eis alleguer ass, datt mir de Respekt hir géinteniwwer net verléieren duerfen: d'Quelle vun de Glasburen drécke Stäerkt, Rengheet an Ufank vun eppes aus. Wa mir allegueren, jidderee mat sengen individuelle Stäerkten, ouni Hannergedanken, zesummen eppes ufänken, kënne mir vill erreechen, wéi eng kleng Quell, déi zu engem grousse liewege Floss gëtt. Eis Resultater, déi mir als klenge Club mat deem Motto erreecht hunn, beweisen d'Richtegkeet dovun. Mat guer näischt hu mir ugefaangen, déi éischt Fongen sënn nëmme gedrëpst; aus den Drëpsen ass awer lues a lues méi en dauerhafte Floss ginn, a mir konnten a kënnen eng ganz Partie vun Oeuvren ënnerstëtzen. Ech wëll der hei e puer opzielen [...]: d'Lëtzebuerger Drogenhëllef, Syrdallschlass Manternach, d'Ateliers Thérapeutiques Walfer, d'Croix-Rouge fir hir Aktioun Häerzkrank Kanner an der Ukraine, d'Campagne Sight First, déi esou e groussen Erfolleg war, d'Blannenheem Bierschbech, d'Ligue vun der Sclérose en Plaques, d'Schwesteren, déi sech a Rumänien ëm Stroossekanner këmmeren, de Service de Rééducation Précoce, d'Enfants de l'Espoir Bogotà, an eng ganz Partie vu méi klengen Donen, déi mir konnte verdeelen, fir geziilt kuerzfristeg ze hëllefen. Fir op de Vergläich mam Waasser zeréckzekommen: mir hunn op ville Plaze genetzt a verschidde Planzen domat d'Liewe gerett.

Awer och am reng geographesche Sënn spille Glasburen - Gréngewald - Uelzechtdall [...] eng wichteg Roll an eisem Clubliewen: Réunions statutaires zu Walfer, Recrutement haaptsächlech, mee net ausschléisslech, an deem Beräich, Trëppeltir zu Jonglënster, bei de Glasburen, am Gréngewald, zu Rolléng an um Hunnebuer, mee awer och zu Veianen.

Glasburen, une idée

Fir all dat ze realiséieren, brauch ee méi wéi eng Iddi. D'Haaptiddi vum Lionismus ass a bleiwt awer fir ze hëllefen. 1992 hu mir dat esou ausgedréckt (de Marc Bruck huet den Text geschriwwen):

Aujourd'hui, l'eau, la terre et l'homme sont menacés et le nom de Glasburen devient le symbole d'un engagement et d'une volonté de travailler à pallier cette menace globale qui touche la collectivité humaine tout entière. Mais le Lions Club Glasburen entend aussi et avant tout s'engager dans les domaines classiques de l'action humanitaire du lionisme pour combattre la détresse sociale qui afflige les individus souvent les plus démunis.

Den Erfolleg vun de Lions Clibb weltwäit ass den Triumph vun enger Iddi, dem Wëllen ze hëllefen. Hannert der Iddi steet de Lions Club Glasburen fest säit fënnef Joer, d'Aktiounen, déi ech virdrun opgezielt hunn, beweisen et. Déi aner Iddien, déi fir eist Clubliewen interessant ze gestalten, déi fir nei Weeër ze fannen, fir dat ze maachen, wat "Fund raising" genannt gëtt, déi sënn eis an deene leschte Joeren net ausgangen; datt dobei muss vun der beschter Iddi geschwat ginn, déi mir jee haten, nämlech déi, fir eng Manifestatioun, déi sech "6 Stonne Velo" nennt, opzezéien, ass evident. Ville vun eis war et net ganz geheier, wéi déi Iddi déi éischte Kéier lues a lues Wirklechkeet ginn ass; de Risiko war - an ass - immens grouss, mee ronderëm déi Iddi an d'Realisatioun vun hier, ass eise Club gewuess, ass hie staark ginn, huet eng staark Gemeinschaft sech gebilt; doriwwer eraus konnte mir awer och mat dem Impakt vun där Manifestatioun d'Iddi vum Lionismus ville Leit ausserhalb vum Lions méi no bréngen: ech denken do un all déi Veräiner, mat deene mir zu Hieffenech an zu Miersch geschafft hunn

respektiv schaffen, un eis Sponsoren, un d'Spectateure bei der Course an un d'Velofuerer, déi un de "6 Stonnen" deelhuelen. Dat ass a bleiwt e wichtege Punkt vun eisem Versteessdemech vu Lionismus: et soll net esou sënn, datt de Lions sech ëmmer nëmme selwer iwwer seng eege Memberen Fongen zesummesicht, mir denken éischter, datt mir duerfir do sinn, fir, zum Beispill, Manifestatiounen ze organiséieren; mat eisen Iddien, mat eise Moyenen, mat eiser Main-d'oeuvre, mat eise Relatioune solle mir eis asetzen, fir Fongen vu Leit baussent dem Lions zesummenzekréien; mir versichen et bei eisen Aktiounen esou ze halen. Beweis dovun si grad d'"6 Stonne Velo", mee awer och eise Stand um Bazar International, an och eis Mathëllef op deene verschiddene Fester vun den Ateliers Thérapeutiques vu Walfer. Ech denken, datt dëst de richtege Wee ass. Dëse Wee kënne mer awer nëmme goen, wann dat 3. Wuert vun eisem Motto

Glasburen, un engagement

eescht geholl gëtt. Jidderee muss sech perséinlech engagéieren, hie muss sech selwer investéieren, hie muss wëlle matschaffen, hie muss vun der Iddi iwwerzeecht sënn. Matleefer, déi sech net engagéieren, si net gefrot: Engagement duerch Präsenz, duerch Interessiweisen, duerch Matschaffen a Matdenken ass gefuerdert. Dëst Engagement muss fir e Lions op alle Gebidder bruecht ginn - am Lions, am Beruff, am soziale Liewen, an der Famill. Engagement an engem vun deene Gebidder kann awer net heeschen, sech an deem aneren henken ze loossen. Wéi mir viru fënnef Joer eis fir de Lions engagéiert hunn, ware mir eis dees bewosst - huelen ech emol un! Mir hunn deemols net nëmmen den Insigne un de Revers vum Paltong gespéngelt kritt fir méi dichteg auszegesinn.

Neen, mir hunn och ënnerschriwwen, datt mir eis géngen fir d'Cause vum Lions asetzen, an dat an alle Belanger. Dat gëllt iwwregens och sënngeméiss fir déi Memberen, déi den Owend net hei sinn (Ausname bestätegen d'Regel), a soss och dack oder ëmmer duerch Ofweesenheet opfalen. Dat bleiwt och wouer, wann dëst duerch e Statut formal entschëllegt gëtt.

D'Majoritéit awer, déi ganz grouss Majoritéit vun eise Memberen ass engagéiert am Clubliewen.[...]



Bazar International: de Stand vum L.C. Glasburen

Den Engagement vun eisem Club um Niveau vum Distrikt ka sech och weise loossen: zwee Leit an de Comitéen / Commissioune fir e Club, deen esou jonk ass, misst Beweis genuch sinn. A punkto Distrikt läit eis um Häerz, dass en sech net zevill an d'Clubliewen duerf a soll amëschen, wéi dat emol e Moment den Uschäin hat. Et kann net sënn, datt den Distrikt op eemol ewéi een (an der Tëschenzeit) 19. Club fonctionnéiert. Souvill Distrikt ewéi néideg, awer esou mann Distrikt wéi méiglech!

No 5 Joer bleiwen awer och vum Distrikt e puer Wierder, déi fir eis ganz wichteg waren, jiddereent op seng Manéier: Téléthon, CAELA, Visite bei anere Clibb, Timberen.

Insgesamt bleiwen no 5 Joer Glasburen bal lauter positiv Andréck. Aus engem konterbont zesummegewierfelte Grupp, deen sech net oder quasi net kannt huet, së Frëndschaften entstanen, ass e Club gewuess, dee gutt fonctionnéiert, deen sech weise kann, dee ganz schéi Momenter zesummen erliewt huet: ech denken un d'Ausflich op Metz, Mülheim-Kärlich, FN zu Lëck, un d'Virtreg iwwer d'Schnaarchen, iwwer d'*open school* oder iwwer d'Zukunft vun Europa. Fir eis Zukunft, denken ech, solle mir mat deem Elan virufueren, mat fënnefjäereger Erfahrung verschidde Feeler net méi maachen, mat neien Iddien an Engagement un déi nächst fënnef Joer erugoen.

An deem Sënn (wéi mer op Latäin geléiert hunn): VIVAT, CRESCAT, FLOREAT GLASBUREN!

5 Joer duerno... Erënnerungen

Vum Jean-Pierre Wolff bei Geléenheet vum 5. Anniversaire

1991- Ech war an näischt, a kengem Club, néierewou, wou een eng zweet oder drëtt Doudesannonce hätt kënnen erwaarden. Et war e rouegt Liewen, ouni fix Datummen, wou et geheescht huet: an elo gëtt giess fir den Honger an der Welt! Näischt Gréisseres wor z'organiséieren, keng Veloen hunn engem seng Nuetsrou gestéiert. 't war een ënner sech: 't ass een net gelästert ginn, well een net schaffe gaangen ass, wéi déi aner, mee nëmmen an 't Schoul... 't huet ee seng Vakanze genoss, wéi wann een se verdéngt hätt... 't huet een sech zerwéiere gelooss, wéi et normal ass, a wa vu Surfen geschwat gouf, da war dat eng gesond Fräizäitbeschäftegong an net eng Liewensopfaassung... Jee, et war eng gutt Zäit! ...

Dat huet alles opgehal, deen Dag - et wor Enn Juli 1991 - wéi eng Rei Onbekannter engem Grupp Onbekannter Riede gehal hunn, wou vu *Serven* geschwat gouf. An ier een sech ëmsinn hat, wor 't Welt op 't Kopp gestallt: aplaz sech zerwéieren ze loossen, huet et geheescht: MIR ZERWEIEREN ! An du goung et lass ...

Zweemol am Mount huet ee missen iesse goen, ob een Honger hat oder net. Sou stung et am Kontrakt. Dat sot op jidfer Fall e jonke Mënsch, deen direkt all 't Leit geduuzt huet - et ass ee sech viirkomm wéi am Club Med: "Ech sinn de Pitt, an du?" - Am Ufank wor et kamout, dunn huet hien alles an 't Hand geholl: da si mer do, an do gëtt en Numm gesicht, an elo brauch ech een fir Bréiwer ze schreiwen, an dann nach een, dee meng Aarbecht mecht, an dann ass e Fest fir e puer Honnert Leit, wou mir der e puer bräichte fir Schampes ze servéieren, an ... , an ..., an... E gudden Dag koum et, wéi et huet misse kommen. Onse Pitt huet ee gesicht, deen déi nei Equipe sollt dirigéieren op en Dëppefest zou, dat hien Charternight genannt huet. Mee dat hat guer näischt mat Vakanz ze dunn oder mat enger Flugrees... neen, dat wor schlicht an einfach Aarbecht. An do war een, deen huet en Ament net opgepasst an, wéi an der Schoul, brav de Fanger gehoff an hei geruff, wéi säin Numm gefall ass. An du war et sou wäit: de Pitt konnt sech am Fotell ausrouen, an 't Equipe huet ugefang ze wudderen. An der Zwëschenzäit hat se sech och en Numm ginn, e ganz luussegen: Glasburen, well een sou schéi ronderëm brodéiere kann a well een direkt an 't Gespréich kënnt, wann een engem seet, wéi onse Club heescht. An da gëtt e beneit, well keen esou en intressanten Numm ka virweisen. Zum Gléck woren mer 22 Leit déi 't Aarbecht net gefaart hunn an déi eng Mass Iddien haten. Jiddereen huet matgehollef, a mir hu mat Staune bemierkt, datt den Esprit Lions keen eidelt Wuert wor. Mir stoungen allerdengs net eleng do: 't Chefétage vun onsem Daafpätter, dem vénérablen Lions Club Luxembourg Doyen, huet ons vill gehollef: Rootschléi ginn, Sue bäigesteiert, mat Hand ugepaakt. A wann ee vun de Glasburen an eng Réunioun vum Doyen gaangen ass, da war dat net den zweetklass Muppi, deen op de Rapport geruff ginn ass, mee en echten Junior-Partner, deen an de Fonctionnement vun der Lions Welt ageféiert ginn ass.

Dat éischt, wat ze maachen war, war also 't Charternight. E volle Succès, wou de Jhemp Schuster an 't Mady Dürrer op hir Aart a Weis de Lions en ironesche Spigel viirgehaal hunn. Duerno wor et wéi iwerall den Dag nom Fest: raumen, botzen, Schierbelen opkieren... An sech un de Lions Alldag gewinnen.

Wat mir eigentlech net esou kannt hunn - de Pitt huet do Hand iwer ons gehal a fir ons geschwat - dat wor 't Daachorganisatioun: de Gouverneur a seng Gesellen. No dem Fest si mir als Groussjäereg selwer dohinne gaang streiden. Mir hunn onsen Deel un Timbere kaaft, denen aekranke Leit gehollef, Jimmyen ugefuerdert, Prix Lions bezuelt, Leadership diskutéiert, lo si mer am gaang Brëcken ze schloen. Jee, 't ass kee Kielech un ons erlaanscht gaang. Well mer en aarme Club woren, hu mer de Leit, déi ons gebraucht hunn, mat onsen Hänn gehollef. An dat huet ons onsen éischte feste soziale Client bruecht, den ATW, dee mer virun 14 Deeg nach besicht hunn.

Wann ech dës éischt Zäit aus menger perséinlecher Siicht wëll resuméieren, muss ech soen: et war Onrou an och Stress: déi eng sën an de Sheraton iesse komm, e puer anerer hu sech viirbereet, hu geried, a geried, ... a sënn net emol zu engem Dessert komm, well schon een sech charitablerweis drëm gekëmmert hat.

Jee, mer hu gewuddert, ons géigesäitech beschnuppert a schliisslech acceptéiert.

Ee gudde Muergen huet en Aneren ugefang ze bibberen, wa Réunioun war, doheem mat zäiten Bescheed ze soen, dat en net iessen kéim wéint enger Urgence beim Lions, no Aktivitéiten ze sichen, déi dem Club zu Sue sollte verhëllefen, sech z'entschëllege fir déi Bréiwer, déi net erausgaange sinn oder fir Rapporten op Oak Brook, déi nie ukomm sinn, seng Owenter a Palavere mat Commissiounen oder a CAELAen oder op Besuch bei all méiglechen anere Clubben ze verbréngen, well kee Kolleg sech konnt fräimaachen ... Jee, wat sou e Lionscomitémemberenalldag mat sech bréngt. Vun Zäit zu Zäit hu mer onse Frae probéiert ze weisen, wéi flott an animéiert et bei ons zou geng goen: Ladies'Night wor dann ugesot. Fir éierlech ze sin, ech weess net, wat mer ouni si, hiert Verständnës an hir Mathëllef gemat hätten. 't Familjen, déi frustréiert waren, well de Papp net oft doheem konnt sin, hu mer mat op Ausflich geholl, wouraus eng Traditioun entstan ass, de *Retour aux Sources*.

An enges guddes Daags hate mer eng Quell entdeckt, déi ons zu Räichtum a grousser sozialer an humanitärer Hëllefleeschtung sollt féieren: mir si souzesoen op de Velo geklomm, awer nëmme souzesoen, well wann ee vun ons op de 6 Stonne matgefuer wär, dann hätt en ons terribel um Terrain a ronderëm gefeelt. Eng Aktivitéit, déi e puer Leit, déi ech hei net nenne wëll, gutt a gäer en halleft Joer an Otem hält. Et ass eng fantastesch Erausfuerderong fir e klenge Club, mee se schweesst zesummen an et ass e gutt Gefill ze gesin, datt jiddferee vun ons matmëcht, jo souguer dee Week-end aus senger Vakanz kënnt, fir ze hëllefen. Ons zweet gréisser Aktioun ass de Bazar International. Eng Chance, géing ech mengen, fir de Mouvement Lions erauszesträichen. 't Formule ass am Embroch, ech hoffen, datt mer eng gutt Léisung fannen.

Ech wëll just bemierken, datt de Responsabel bei de Réuniounen an de Kaffiskränzercher ronderem de Bazar säi weibleche Bekanntekrees mindestens verduebele kann.

Mat de Joeren ass onse Club gewuess: 22 Chartermemberen, een Eiremember op Liewenszäit, dunn, 1994, dräi Neier, 96 nach eng Kéier zwéin a 97 nach emol dräi. Mir hu se gutt gewielt, an ech hoffen, datt meng Wierder se net kappschei maachen: Mir brauchen se! Mir sin also haut zu 30 Glasburer. Mir mussen allerdëngs heiansdo 't Jumellen erbeihuelen, fir eenzelner nach ze gesin, déi sech, hoffentlech fir kuerz Zäit nëmmen, "éloignéiert" hunn.

